ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26.November 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister an un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Bei der Produktioun vu Wandrieder an och bei der Elektromobilitéit gëtt zum Deel op dat Element Neodymium zréckgegraff, e seelene Buedem, dee bal exklusiv an der Volleksrepublik China ofgebaut gëtt. Den Ofbau vun dem Metall verursaacht enorm Ëmweltschied a belaascht d'Leit an d'Ëmwelt mat enger Rei vu Gëfter, anscheinend och mam radioaktive Metall Thorium.

Dëst ass an der Lescht och an enger Rei vu Medien zur Sprooch komm.

An dem Zesummenhang wollt ech dem Här Minister fir Energie an der Madame Minister fir Ëmwelt dës Froe stellen:

1. A wéi vill Wandturbinnen zu Lëtzebuerg ass dat Element Neodymium mat verschafft ginn?
2. Wéi steet d'Regierung dozou datt d'Produktioun vun dem Element mat enorme Gesondheets – an Ëmweltbelaaschtunge verbonnen ass?
3. Wéi steet d'Regierung dozou datt de Réckgréff op Neodymium eis bei der Wandenergie wéi och bei der Elektromobilitéit an/oder bei hybride Motoren an eng Ofhängegkeet vun der Volleksrepublik China brénge kann?
4. Wëll d'Regierung bei der Installatioun vun zukünftege Wandturbinnen zu Lëtzebuerg, dorop Uecht ginn, datt bei de Generatore keen Neodymium mat verschafft gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique